# ASCHENPUDDEL

MÄRCHESPILL FIR KANNER



M ä r c h e s p i l l

an engem Virspill a sechs Akten.

---

( r. S . C.P. )

## V I R S P I L L .

Am Böosch.- D'Wichtelcher komme vun der Arbecht mat Geschirr.
Si hu Bém ömgehân. E Wonnerbémchen stét nach. Benn leit drönner ze schlofen.Butzefatz verwöonscht de Bâm.- Caritas le'st den Zauber.

## P e r s o' n e n.

Wichtelcher: Bitz - Batz - Männ - Benn - Butzi - Wutschi -Kno'terer.
2 Huesen - 1 Kawéchelchen -
1 Hex ............... Hutzefatz
1 gudd Fee.......... Caritas
4 Elfen.

---

Wichtelcher kommen eran a sangen: Wichellidd(am Anhang)

### 1. Scen.

Menn: So' ass et richteg, Jongen, wie gudd geschafft huet,kann och löschteg sin.
Kno'terer: Ech kann dat Sangen émol nöt verdrôn,ech mân nöt me' mat.
Bitz: Ma Kno'terer hief dach Verstand.Kuck we' s'all fleisseg waren. Vill Bém hu mer gefällt, an eis Arbecht gét flott virun.
Batz: Wat wärt de Kinnek fro' sin, wann hie sei Geburtsdag op döser Plâtz ka feieren.
Wutschi: Et bleiwt nach vill ze dun. Mir können d'Hänn nach nöt an d'Täsche stiechen.
Bitz: O jo, bis alles nach geraumt ass, kascht et Krämp.
Wutschi: A sauer Stonnen.
Batz: Vill Schwéss léft eis nach d'Bäcken erôf.
Menn: Dofir hu mir dann och eng sche'n a propper Virhiel. All Wichtelvollék misst eis dröm beneiden.
Butzi: An ech hun eng sche' Spillplâtz, geldu, Männi?
Kno'terer: Hien denkt un d'Spillen.
Bitz: Ma Kno'terer lôss dach dem Jong seng Fréd.
Kno'terer: Emol muss hien sech dach un d'Schaffe winnen. Ge' Butzi, reiss dé Bâm do aus, dé mir vergiess hun.
Butzi: (léft zum Bam dén am Eck stét) O mei, hei leit de Benn ze schlofen,- Hé Benn! (jeitzt em an d'Oer a rööselt en)
Benn: (reiwt sech d'An a mecht ganz verwonnert) O we' le'w! Wie ste'ert mech a mengem sche'nen Drâm ?

Kno'terer: Et ass keng Zeit ze drémen. Et héscht de Bam ömhaen.
Benn: Dé Bémchen ass e Wonnerbam, an 't duerf keng Axt dru re'eren. Am Dram hun ech gesin, we' döse Bâm en ârent Mönschekand eröm glécklech mécht.
Kno'terer: Nu loss de' Dommereien an dat Gedréms, Verschwanne muss de Bam an zwar direkt. (Wellt de Bémche mat der Axt ömhaen).
Benn: O Kno'terer, hal op! Denk un den Zauber dén um Bémche leit.
Kno'terer: Dén hei dé gléwt dén Hokuspokus nöt.
Männ: (könnt erbei gelâf) Ech gruewen dir de Bam mat alle Wurzelen au da kanns du mân dermatt wât dir gefällt.
Benn: Ech wéss gudd wât ech mâchen. Ech lén de Bam hir bei de Pâd. De Fieschterhannes könnt, hie fönd de Bam a brengt en op de Mârt mat senge Chröschtbém. Eso' könnt de Bémche schons op de'richteg Plâtz.
Kno'terer: Jé kommt mir gin;mir mussen all nach Pilze sammelen.An dèr Zeit kann de Benn jo alt sei Bémchen hidden.

## 2. Scen.

Benn: Dir könnt all gon, ech bleiwe ganz eleng. Mei Bémche stellen ech hei bei den Agank. Do fönd de Fieschter e ganz secher. (E Schoss fällt.- Benn erfe'ert.) A wât ass dât ?Dohanne könnt de Jéer. Ass en eröm um Tour? De' ârem Hiesercher. Ma we'ssten sie vum Wonnerbam. A sengem Ömkréss ka ké Feind e schueden.Si si fir hien onsichtbar.

## 3. Scen.

Benn: (2 Huesen - 1 Kawéchelchen) We' sin d'arem De'eren an der Angscl Kommt bei de Wonnerbam, do sit dir secher. Nu muss ech fort, dénen^âneren nô.

## 4. Scen.

(Jéer sengt op d'Weis vun: Im Wald und auf der Heide.)
Am Bösch an op den Héden, do sichen ech meng Fréden,
De Bösch ass dofir do, de Bösch ass dofir do.
Durch Déck an Dönn ze résen, op d'Huesen dann ze sche'ssen,
Dat ass Plese'er jo, dat ass Plese'er jo.
Hali, Halo.......
Jéer: Ech hat gemengt ech hätt en Hues gesin an e Kawéchelchen. Wuer sollen de' sech da verkroch hun? De Bösch ass gro'ss, dat ass jo wo'er, mä hat mer dach geschéngt, si wären hir gelaf. Sin si vleicht doerobber? Ech he'l am beschten döse Wé....

## 5. Scen.

Hiesercher a Kawéchelcher sprangen eraus, schneiden eng lâng Nues a sprange löschteg dohir op d'Melodie: Tösche Bierg an de'wen Dall.

## 6. Scen.

Hutzel: Huuuuuuuuu.....(Hiesercher erschrecken a lafe fort)
(Hutzel erschengt mam Biesemstill...(sengt d'Hexelidd am Anhang)
't ass alles eidel. So' bâl ech kommen,ass de Bösch we' aus-

gestuerwen. All De'er mecht sech aus dem Stöps; Den Hues verstoppt sech am Getreisch, an d'Vullen hâlen op mat sangen. All De'er gét mer aus dem Wé; am Féeland sin ech veruecht; an d'Mönsch soen, ech wär eng Hex, an eng vun dénen uergsten. Ech nenne mech âl Hutzel, de' aner Hutzefatz. Dat dét mech kache jo vun Ierger, an an der Roserei muss ech mech rächen, Hihihi.... 't bestét e Wonnerbâm, dé Gléck an d'Welt soll brengen. Wann ech e fannen, da göt e verflucht, an da kann hien an Zukunft nömmen Onhél stöften.(Si geseit de Bâm a garschteger Fréâ)... We'... wat! Hei stin ech jo beim Wonnerbam. Et hätt nöt besser kommen treffen. Hihihi....Ech hu Geléenhét dem ganze Buttek eng ze stichten. Du bass e Wonnerbam, du Wu'scht, mais ech verfluchen a verwönschen dech Me' göfteg we' de' göftegst Schlâng, me' göfteg we' Digitali: me' göfteg nach we' Seidelbast an Tollkiescht, eso'guer nach vill me' göfteg we' de' göftegst Pilzen, a vill me' pikkeg we' dé schärfsten Dâr, so' soll dât Wonnerwierk an Zukunft sin.... Wien dir ze nôkönnt Bémchen, dé soll u Leif a Se'l zu Schâne gôn. Hokuspokus - Malefokus - Fidelckus - Riffemokus. Hihihi.... Elo könnt dir ömmer un d'al Hutzel denken..... O we', do könnt jo d'Caritas.(Si rennt fort.)

7. Scen.

Caritas: (könnt mam Zauberstaw a sengt...)Melodie: Mit dem Pfeil...

All Dag öm den Owend sicht d'Fée Caritas,
All di hémlech Spuren vu Stolz, Neid an Hâss.
Wât de' garschteg Hexen an der Roserei
Hechelen a verwönschen,mâchen ech eröm an d'Reih.
Op em Wonnerbémchen aus dem Märcheland
Liesen ech den Zauber vun der Hutzelhand.

Ech léen drop e glänzen, hell we' Diamant,
Reichtum, Gléck a Ségen fir é Mönschekand.
Wann denn d'Stiere blenken an dem Muendeschein,
Mân ech mat den Elfen löschteg Ringelreihn.

8. Scen .

Elfenreigen: Elfenlid: All Dâg mat der Muergessonn(s.Anhang)

================

I. A K T .

Eng Stuff, en Dösch, e puer Still.

Perso'nên: Smyrina................ Mamm
Radigundis a Quitschi, hir Kanner.
Aschepuddel.
Deiwelen: Satan, Stolz, Neid, Hâss.
1 Engel.

1. Scen.

Aschepuddel: (armse'leg gekléd a schwe'erer Arbecht)- O, wat sin ech midd.Ech muss awer och eso' vill an eso' schwe'er schaffe. Ech hu knapps Zeit ze otmen. An ech ka meng Arbecht mân eso' gudd ech wöll, kén ass zefridden. Meng Ste'fmamm

ass eso' hart, eso' onbarmherzeg.- An ech sin de Spott vu menge Schwesteren. Eist "Ascheputtel" nennen se mech"ömmer,well ech eso' knaschteg an eso' fatzeg sin. An si zwé hun eso' sche' Kléder.- Radigundis ass a leschter Zeit jo wuel e we'neg besser ge'nt mech; mais d'Quitschi könnt mech vergöften. Oh.... d'get mer schlecht vun Honger - wat kre'en ech och z'iessen. Eng hârt an dreche Kûuscht mat Wâsser -- Le'f Mamm, we' war dât nach ânescht, we's du bei mir wôrs. Du wor ech fro' a gléckleech. An elo':, Wann ech un all dât denken, muss ech kreischen........O le'f Mammchen,geseis du hei dei Kand a senngem de'wen, gro'sse Léd. O Mamm, so Mamm, geseis du mech;.... O mei, ech sëtze me'sseg. A we meng Ste'fmamm ke'm, a ge'f mech hei erwëschen.

## 2.Scen.

Smyrina: (Könnt eran iwerdém d'Ascheputtel opstét) We', hues du deng Arbecht nach nöt färdeg,du Ridderecht Stéck. Hun ech dech eröm erwöscht beim Drémen? Ech wärd dech le'eren op der fauler Haut ze leien. Nu mâch dech fort a blénk dem Radigundis an dem Quitschi d'Schong; a knauser nöt mat Sölwer an der Goldbronze, well si gi mat mir op de Kinneksbâl.
Aschep. An ech ?
Smyrina: Du greisslech Krot, soll ech der virumân? Du bass de' Kûscht nöt wert de' ech der réchen. Ge'fs du ëmsoss gär dei Bro't hei iessen? Ech muss an Zukunft nach vill me' stramm mat dir sin. (Aschep. ôf).

## 3. Scen.

(Radigundis a Quitschi komme mat Geschenker)

Radigundis: O Mamm;kuck wât huet de Papp eis matbruecht. Ech krut e sche'ne Perelband an den Diadem aus Sölwer.
Quitschi: An ech dé Bracelet hei, dé Renk an eng gölde Spengel.
Smyrina: Elauter kostbar Sâchen, de' bei iech passen. Mais si kommen iech och zo'. A wât krut d'Aschepuddel dan?
Quitschi: En armse'lege,klenge Bâm.Dén ass och gudd fir hat(lâcht)
Radigundis: Hat huet sech dé gefrôt fir op senger Mamm hirt Grâw.
Quitschi a Smyrina: Dô stét e gudd.
Radigundis: An dach we' sche'n ass dât vun eiser Schwöster. Si frét sech neischt fir sech. Si denkt un d'Grâw vun hirer Mamm.
Quitschi: Mais Radigundis, du bass um richtege Wé, dech an dén Dreibîtz ze verle'wen.
Smyrina: Nu get et Zeit. Gitt mâcht iech fèrdeg fir de Bâl.

## 4. Scen.

Smyrina: (kuckt sech an de Spigel) Ei, eso' gefâlen ech mer selwer. Vleicht könnten d'Löpsen nach en To'n me' donkel sin, mais d'Aperhoer si gudd. We' stolz ere'scht kann ech op meng zwéKanner sin. Si sin de' sche'nst am Land, an ént vun hinnen muss sech de Kinnek auserwielen zur Kinnigin.Wie' soll et sin? Du, Radigundis? O,wat wär ech fro'. Mais le'wer hätt ech nach, et wär mei Quitschi. Hat ass me' zart, me' fein, eso' delikat an ömpech, an 't ass mein Hierzenskand. Mei Quitschi Kinnigin':.... O, ech gesin dech schon durch d'Kinneksschlass spaze'eren, so' stolz, so' sche'n. Dach d'Zeit göt mir schons lâng. Fir se ze verdreiwen, wöll ech e Liddche sangen......(Mammelidd....am Anhang).

5. Scen.

(Deiwele kommen, während Smyrina we' verzéckt do sötzt)

Satan: Nu macht gudd Arbecht Jongen, Sich t haut Smyrina ganz an de Bann ze kre'en. Du Stolz, du hues et ferdeg bruecht, d'Mönschen aus dem Paradies ze dreiwen, du wärs och hei deng Konscht beweisen.
Stolz: Smyrina: Du hues zwé sche'ner Méderchen. Si sin de' sche'nst um Kinnecksbâl. Mais e klengt Médche stét weit iwert hinnen. Et leit dobaussen an der Eschekaul, mais hat ass zeng vun dengen Duechtere wert. Ha, du stolz Smyrina, kanns du et da verquössen, dat d'Aschepuddel Kinneksbraut haut gött? Da breichs du nöt me' stolz ze sin. Mais, nömmen nöt verzôt, ech stin der bei, mâch wât ech der sôn, an du hues gewonne Spill.
Smyrina: (kuckt ängschtlech dorömmer, stét op a setzt sech eröm)
Satan: Ha, Stolz, du kenns deng Sâch, ech gretule'eren. Du Neid, nu weis och du, wâts de kanns.
Neid: Smyrina, wéss du wén d'Aschepuddel ass ? Ech sôn der et, nu lauschter gudd. 't ass eng verkannt Prinzessin, mais de' me' sche'n ass we' dir alleguer. Seng Se'leschenhét lîcht him aus den Ân. Dein Neid ass nach nöt gro'ss genug, soss hätt's et scho verdillegt. Soll ech der höllefen?
Smyrina: (sprengt op) Wât ass dât dô? Ech kann nöt me'. Ah, Aschepuddel.
Satan: (reiwt sech d'Hänn) Ha, Neid, du stés meéhe'ch nach we' de Stolz. Du hues den e'schte Bruddermord scho fèrdeg bruecht. Meng bèschte Gléckwönsch. Du Hâss muss d'Méschtersteck nu mân. Durch dech leien d'Völker sech an den Hoer, durch dech ass Krich, nu schaff och hei.
Hâss: O, Smyrina, du bass nach vill ze gudd. Wuefir dann, le'ss du d'Aschepuddel so' gewärden? All Dâg gött hat me' dichteg a me' sche'n. Mé de' et dach verschwanne vun der Erd. Ass nach dein Hâss nöt de'f genug, dass du so' zömperlech nach mat him déss? Ge' dach me' schârf derhanner, a wanns du gär e Nôt häss, komm bei mech.
Smyrina: (ganz ausser sech) Elo ass et déss genug. Ah, Aschepuddel, du verschwönns mer aus den Ân. We' ech dech hâssen a verwönschen, du écklecht, elend Stéck. Soll ént sech vu menge Kanner iwertreffe lösse vun dir, du greisslech Popp.... Ech wéss wât ech elo mâchen, ech gin em neischt ze iessen, an din et schaffen, dass et krächt. An d'Aschekaul ass nach ze fein, an der et schle'ft. Ah, Aschepuddel, deng gutt Zeit ass elo eriwer.

6. Scen.

Radigundis a Quitschi: Hei si mir Mamm.
Radigundis: Mir ware lâng ewech, mé 't ass vill Arbecht fir sech sche'n ze mâchen.
Quitschi: Gefâle mir, Mama?
Smyrina: Ech si verzéckt, wann ech iech kucken.
(Radigundis puddert sech nach e we'neg) Jo, meng Môdchen, botz an ze' nach hei an dô - An du, mein hierzlecht Quitschi, dréck hei de' Löckchen nach me' fest wider. Si stét eso' frech ewech.
Quitschi: So' hardi we' meng Lökche gin ech och derwider. Si spigelt mei Charakter.
Smyrina: Nu sangt och nach èrt Lidd, ech he'eren iech eso' gäre sangen

(si sangen d'Kannerlidd an Anhang)

Radegundis: Nu ruff och nach eis Schwöster.Si huet sech vill beme't, fir ons eis Schong ze blenken. Oft hun ech Matléd mat em. Ech ge'f him gönnen, dat et mat könnt goen op de Bâl(gét of)
Smyrina: D'Radegundis wéss nach nöt wât d'Aschepuddel ass.Wann hat dât we'sst, ge'f et ânescht schwätzen.
Quitschi: Né, Mama, d'Aschepuddel gét nöt mat op de Bâl, Mir missten eis jo mat him schummen.
Smyrina: O Quitschi, du bass grad ewe' deng Mamm.- Lôss d'Aschepuddel kommen. Ech weide mech un sengem Schmierz, wann hat iech hei gebotzt geseit, a wann dir fort gitt fir ze danzen. Da kreischt et batter Tre'nen an da lâcht mein Hierz. Hihihi.

7. Scen.

(Radegundis an Schepuddel kommen eröm)
Aschepuddel: O, we' sche'n ass d'Quitschi. An d'Radegundis och. O wat sit dir glécklech.
Quitschi: O, re'er mech nöt un, mat denge knaschtegen, ongewäschene Fangeren(Aschepuddel gét erschreckt zréck)
Smyrina: Ei, dat dét mer gudd.Et mierkt schon we' hat ergraff ass.
Radegundis: Mir sôn der villmôls merci, du le'ft Kand,fir deng gudd Höllef. A menge Sölwerschong könnt en sech spigelen. Komm, ze' mer nach de' Fâle besser.
Aschepuddel: O,Radegundis, du bass gudd.
Quitschi: Dât sche'nt Kléd. Ge' du mat denge ruckelegen Hänn, ech mân et selwer.
Radegundis: Ma lôss et dach (me' lues)D'aremt Kand ass iwerall ver-sto'ss. Ech wöll an Zukunft besser mat him sin
Smyrina: Nu get et Zeit. Kommt Kanner, soss si mer de' lescht(gin)
Aschepuddel: O huelt mech mat, nömmen dôs eng Ke'er. Ech geng eso' gär mat.
Smyrina: Du Knaschtmarei, gengs gär op de Bâl. Ma kuck dech emôl/am Spigel. An dann hun ech zwé Sieschter Lönsen an der Aschekaul gedréchent. Sin de' da scho geräft? Mâch dass d'Arbecht ferdeg ass wa mir den Owend eröm sin.
Quitschi: Komm, Mami, komm a lôss den Efalt stoen.

8. Scen.

Aschepuddel (eleng -kreischt hârt) Wât hun ech da verbrach, dass si so' hart sin? Ech aremt Wésekand. - O Mama, wär ech dach bei dir.We' konnt ech dech verle'eren. Vun dass du fort bass hât ech nach keng fro' Stonn. O huel mech bei dech an den Himmel.- Op dengem Grâw eleng, do fannen ech nach Tro'scht. Duer wöll ech elo goen. Jo, op der Mamm hirt Grâw.

9. Scen.

(Aschepuddel stét do ze kreischen )
Engel: Kreisch nöt mei Kand. Eng Mammenhand sént ömmerzo'. Et wâcht hir Le'ft och wann si schle'ft an e'wger Ro'.

## II. AKT.

========

Um Grâw vun der Mamm - Wonnerbémchen- Caritas könnt a verkönnegt gro'sst Gléck - Aschepuddel könnt op d'Grâw a bied a kreicht - Elfe brenge Kléder- Blumereigen- Aschepuddel an der Fréd -
Perso'nen: Caritas - Aschepuddel - 10 Elfen-
6 Blumen: 2 Klackeblumen, Ro's, Vio'l, Vergissmeinnicht an Ehrenpreis

---

### 1.Scen.

Caritas: Haut kritt all Léd en Enn, well d'Mammele'ft beméschtert alles. Si dauert iwert Grâw.

Aschepuddel: Hei sin ech Mamm. Ech sin so' de'f onglecklech. Vun dass du fort bass hât ech keng fro' Stonn. Bei dir eleng,Mamm kann ech mech auskreischen. Bei dir eleng och fannen ech eröm Tro'scht. Ma haut besonnesch, Mamm, ass d'Hierz mir schwe'er. Ech hätt dach gären émôl och eng Fréd gehât. So' gäre wär ech matgâng op de Kinneksbâl, ech hun nöt durfen.

### 2.Scen.

Caritas: Hâl op mat kreischen, du le'ft härzegt Kand.

Aschepuddel: O mei, wé sidd dir?

Caritas: Färd nöt mei Kand. Ech sin d'Fee Caritas. Ech ze'en uechter d'Welt, fir ârm verlôsse Mönschen e bössche Fréd ze brengen. Ech hun dech hei um Mammegrâw geheéert bieden, an ech kennen dei gro'sst Léd. Du kriss de Lo'n elo fir deng gro'ss Kannerle'ft, a fir deng Guddhét an deng Trei. Den Herrgott le'sst keng Dugend onbelo'nt.

Aschepuddel: Mir ass jo nöt ze höllefen.

Caritas: D'Fee Caritas kann alles. Dât sét jo scho mein Num.Caritas héscht Le'ft, a Le'ft brengt alles ferdeg.

Aschepuddel: 2 Sieschter Lönse muss ech aus den Asche râfen.Bis ech de' all eraus hun ass de Bâl dach lâng eriwer.

Caritas: Rég dech nöt duerfir op. Ech ruffen all meng Deiwercher. An 10 Minute schon sin d'Aschen all gesönnert(schwengt de Stâf) Meng Deiwercher fle't all erbei. Mâcht d'Aschekaul vu Lönse frei. Verziere sollt der all de' schlecht, râfft an de Kuerf de' gudd an echt.- Et he'ert é rauschen) A kurzer Zeit ass d'Arbecht elo gemâcht. Hief gudde Mut a sief nu fro'.

Aschepuddel: An döse Kléder kann ech mech dach ne'erens weisen.

Caritas: Vum Wonnerbâm um Mammegrâw, do könnt dir Höllef.

Aschepuddel: Vum Wonnerbâm? Mé ass dât nöt mei Bémchen ?Dât soll e Wonnerbâm sin. Dann ass et nömmen d'Le'ft de' him de' Krâft göt
Bémche, Bémche, rösel dech,
Werf Gold a Sölwer iwer mech.

### 3.Scen.

(Elfe sprangen erbei mat Kléder)

1. Mir si geruff gin durch de Wonnerbâm,
   En aremt Mönschekand eröm fro' ze mân.

2. Ech brengen dir e seident Kléd,
   Et go'f vum Märchebâm geheit.

3. Dat Pärelband drô ömmerzo',
Et mécht dir d'Liewe liecht a fro'.

4. E Bracelet aus Elfenbein,
E Renk mat engem Edelstén.

5. Vun döse Schong göt d'Gléck dir bruecht,
Si sin aus Gold, göf gudd drop uecht.

6. Ech iwerréchen dir eng Kro'n,
Fir all deng Le'ft ass si de Lo'n.
7. De' Blumen hei, du härzegt Kend,
Huel als Geschenk aus Elfenhand.
8. Ajidfer Blimche soll dir sôn,
We' de'f mir dech am Hierzen drôn.
9. Mir din dir un de' Sâchen all,
A fe'eren dech dann op de Bâl.

## 5. Scen.

Melodie: Am Blumegärtchen........

2 Klackeblämercher gin aus zu all de le'we Blumefrönn,
Eraus, eraus aus erer Klaus, sôn si mat hirer rengster Stömm, Klingling

Hei huet gekne't voll Schmierz a léd, e Mönschkand so' trei a brav.
Duerfir dir Blume sit berét ze röschten senger Mamm hirt Grâw,
Klingling........

Ro's: D'Le'ft ass dât Héchst: kann ech iech sôn,
Ech si jo d'Re'schen, kuckt mech all.
Wär d'Le'ft nöt aus der Welt gedrôn,
Et wär me^a sche'h am Erdendall. Klingling.......
Vio'l: Kleng, schei an agezugen trött
d'Vio'l virun iech mat dem Rôt:
O bleiwt bescheiden, bretzt iech nöt,
Wén sech ernidregt, dé fönd Gnôd.
Vergissmeinnicht: Vergiess mech nöt a bleiw mer trei,
So' sôn beim Abschied d'Mönsche sech.
Dât sét och meng blô Blimchen hei,
Vergissmeinnicht, so^a héschen ech. Klingling........
Ehrenpreis: Wat glécklech an zefridde mécht,
Dât ass den Eifer an de Fleiss,
Wât de' erréchen, dât ass echt,
An hire Lo'n ass Ehrenpreis. Klingling.........
Zesummen: WO' an dem Liewen énen sech
Eis Blimercher zo' engem Strauss
Do fönd sech Gléck ganz secherlech,
A Gottes Segen bleiwt nöt aus. Klingling...........

---

++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++

## III. AKT.

Aschepuddel(könnt era voll Fréd; d'huet e Schongverluer). We' war ech haut eso' fro'. Ech hu le'f Mönschen haut bege'nt, fir t'allere'scht nodém meng Mamm gestuerwen ass. We' waren s'all so' gudd mat mir. So'guer d'Radegundis an d'Quitschi hu mech

bewonnert a meng Ste'fmamm wor verzéckt. Si hu mech nöt erkannt. An dé jonke Kinnek war extra le'f ge'nt mech. E wollt mech jo fir ömmer am Kinneksschlass behâlen, an hätt eso' gäre mein Num gewosst. Natirlech wollt ech neischt dovunner wössen.- De' Fréd vun haut hât ech wuel nöt verdengt. An dach sin ech eso' glécklech.- Et ass mir zwar e klengt Ongléck passe'ert, ech hu jo é vun déne göldne Schong verluer, de' d'Elfe mir vum Wonnerbémche bruecht hun. Si hâte mir nach ubefuelen, ech sollt gutt uecht drop gin.

2. Scen.

(Hiesercher sprangen erbei)

Aschepuddel: O hei, zwé Huesen. Wât artlech De'ercher(stre'lt se) Si hun och guer keng Angscht. Könnt dir mir höllefen,mei göldne Schong sichen? (Hiesercher wenken a sprangen ôf)(Aschepuddel nô)

3. Scen.

(Wichtelcher kommen)

Männ: A wie léft dann dohannen?
Wutschi: E Mönschekand, e le'ft, feint [illegible] Médchen.
Batz: O we' härzeg.
Bitz: Mir halen et bei eis.
Kno'terer: A kengem Fall, ech lôssen dât nöt zo'.
Wutschi: Elo huet hien eröm ze kno'teren.
Bitz: A we' soll dat Kand an d'Zwergeland da kommen?
Batz: Hat hât sech vleicht verîrrt?
Benn: Ech hat dat Kand dach scho gesin. Wât ech et me' bekucken, wât et mech och me' bekannt virkönnt.- Ah, ech erönnere mech, et ass dât Mönschekand dât ech am Drâm gesin hun;we' ech önner dem Wonnerbémche luch.
Butzi: Da ruff et Männi an hâl et hei. Ech hun dann én, dé mat mir spillt.
Benn: Elo könnt et jo eröm.

4. Scen.

Aschepuddel:(erschreckt) Wo' sin ech hei? Ech hu mech jo verîrrt.
Benn: Du bass am Zwergeland, mein hirzegt Köndchen.
Butzi: O, bleiw bei eis.
Aschepuddel: Verzeiht, dir meng le'f Wichtelcher,dass ech iech ste'ern Ech hu mech blo'ss verîrt. Ech ko'm vum Kinneksschlass, a wollt ganz se'er hémgôn. Ech muss dohém sin e'ér d'Ste'fmamm könnt mat mengen zwo' Schwösteren. Ech sin zevill gelâf an hun dén é vu menge göldne Schong verluer.
Benn: Mir fe'eren dech erön op de richtege Wé an höllefen dir dé göllene Schengche sichen.
Aschep.: O, vällmôls merci, dir meng le'f Wichtelcher.

5.Scen.

1. Page: (vu fären e Clairon) 2 Page kommen a weisen e Schong.
Eng sche' Belo'nung dém; dén erausfönd wiem dé Schong gehe'ert
2. Page: Eng sche' Prinzessin huet en um Kinneksbâl verluer.

1. Page: De Kinnek hätt eso' gären si zur Kinigin gemâcht. Si wollt et nöt an ass him fortgelâf.
2. Page: Elo sicht hien nô hir ewe' verzweifelt. Wann hien alt nömmen eng kleng Spuer vun hir ge'f fannen.

6. Scen.
--------

Kinnek: Ech sin eso' ongleckiech. Mir hun de ganze Bösch schon ausgesicht nô menger le'wer Braut, an nach keng Spuer entdeckt. An dach hât ech gemengt, si hätt de Wé hei ageschlôen, we' se eso' schnell verschwonn ass......Wann ech de' Gutthét an dém Kand gesin, de' Onschold de' aus sengen Ae lîcht, da kommen d'Tre'ne mir vu Freéd a vu Verlângeren. Mé 't kann och kaschte wât et wöllt, ech muss et fannen, a sollt ech mir och d'Bé stompech lâfen, a sollt ech siche missen bis un d'Enn der Welt. Hätt et mir sein Num alt nömme wölle soen, mé et wôr jo nöt duerzo' ze kre'en.

7. Scen.
-------

Hutzel: (Huhuhuhuhu-----et blötzt an et donnert)
Kinnek: A wât ass dât? Wât e schrecklecht Wieder. Et ge'f é mengen d'Hell wär lass geloss.---Huuuuuuu, we' grujelech. Wär ech dach nöt eleng. Meng Pagen hun sech weit vu mir entfernt.

8. Scen.
-------

(Caritas könnt eran, an iwerdém göt et hell)
Caritas: O färd nöt, Kinnekskand. Ech sin d'Fee Caritas. Ech sichen d'Spuren op vu Stolz an Neid an Hâss, an ech tre'schten de' Ongléckiech.
Kinnek: Ech hun e gro'sst Léd. De' le'f Prinzessin, de' zur Kinnigin ech mir erwielt hât, ass spurlos verschwonnen. Ech hu schon alles dru gewôt, fir se eröm ze fannen. Ech selwer hu mat 2 Pagen de ganze Bösch durchstreift. Mir fonten nöt eng Spur. An dach kann ech o'ni dât bravt Kand nöt me' liewen. Könnt dir mir höllefen, Fee Caritas?
Caritas: Zeng Meilen weit eweg, do stét e sche'nt gro'sst Haus. An dem Haus sin drei Médercher, an ént vun hinnen drei soll émôl an dengem Schlass als Kinnigin anze'en. Nu ge', sich selwer dir de' richteg eraus.
Kinnek: O, villmols merci, le'f Fee Caritas. Ech werd dech nie vergiessen. (Caritas ôf)
Zeng Meile vun hei --- da flott drop lass. Ech muss dât Haus nach haut erréchen.
+++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++
=======================================================================

4. AKT.
========

1. Scen.
-------

(Smyrina, Radegundis, Quitschi : kreischen)
Smyrina: Halt op mat kreischen, Kanner, et ka jo alles neischt me' höollefen. An dach, et wier eso' sche' gewiescht. Mei Kand eng Kinnigin, an ech eng Kinneksmamm. Ech kann nöt me' dorunner denken.

Quitschi: De' zwo' blöd Dauwen sin un allem schold. Si hun dem Kinnek mech verroden.
Radeg. Mech och.
Smyrina: Zwo' Dauwen? We' ass dat da me'glech?
Quitschi: Zwo' schne'weiss Dauwen so'tzen op dem Bâm, den d'Äschepuddel senger Mamm op d'Grâw geplanzt huet. We' mer op eise prächtege Schömelen beim Grâw passe'ert sin, so' fro' a glécklech fir an d'Kinneksschlass ze reiden, du fongen de' abscheilech De'eren un ze jeitzen: ruck, ruck, ruck, ruck, Blut ass am Schuck, de Schuck dé gét schlecht, d'Braut ass nöt echt. Vun Ängscht a Schrecke sin ech bâl vum Pärd getrollt. De Kinnek huet och gleich schon de Bedrug erkannt a mech entloss.
Radegund: Just selwecht gong et och mir.
Smyrina: Dir ârem Kanner, we' dét et mir eso' léd fir iech.
Quitschi: Wann ech de' éklech Be'schten hätt, ech geng e gleich den Hals ömdre'en.
Radegund: Domatt wär eis nöt vill gehollef.
Smyrina: Am beschte wär et nach, dé Bémche geng vum Grâw verschwannen. Lâft se'er hin a reist en aus.
Quitschi: We' sollte mir da lâfen, Mamm, ech kann emôl nöt me' goen. Wo' konnt ech mir och nömmen d'Ze'w eweg haen.
Radegund: An ech meng Féscht.
Quitschi: Mir sin elo iwel drun.
Smyrina: O schwätzt nöt me' dervun. Ech kann et nöt me' he'eren. Mé wann de Plang gegléckt wär, hätt dir nöt breichten zu Fo'ss goen. Dir wärd geridden oder an der Kutsch gefuer, an dât wär gâng och o'ni Féscht an o'ni Ze'w.

2. Scen.

(Et schellt)
Smyrina: A wie soll dann elo nach kommen? et he'ert é Getrampel. (kuckt zur Fönster aus) O mei, de Kinnek selwer.
Quitschi: Ech hun eröm nei Hoffnung.
Radegund: Ech awer nöt.
Quitschi: Jo, Radegundis, du brauchs och keng ze hun, well ech gi vir.
Smyrina: Wöscht se'er d'Tre'ne, Kanner. A mâcht dass kén èr Schlapp geseit.

3. Scen.

Re'sy: Verzeiht, dass ech ste'eren, de Kinnek wöllt och nach mat èrer drötter Duechter schwätzen.
Smyrina: Ech hât der dach gesôt, du dierfs mat kengem Mönsch vum Äschepuddel rieden.
Re'sy: Ech hunn dem Kinnek dât gesôt, an dofir wöllt hien hat gesin...
O, mei, do könnt de Kinnek schon.

4. Scen.

Kinnek (mat 2 Pagen) Ech wöll nun och èr âner Duechter gesin.
Smyrina: Bei menger E'er, he'ge Kinnek, dât ass nöt me'glech. Eso' weit setzen ech mech nöt eröf. Ech ge'f d'ganzt Haus blame'eren.
Kinnek: Trotz allem wöll ech d'Kand gesin, an zwar direkt.
Smyrina: Wât soll dât gin, ech hun eng drôleg Ahnung.

5.Scen.

(Smyrina schellt)

Re'sy: Dir hutt geschellt,Madame; wât wär gefälleg?

Smyrina: Ruf d'Aschepuddel. Re'sy, et soll gleich kommen,so' we' et ass(lues)Da muss én all Respekt virun em verle'eren.

6.Scen.

Aschep.: (erfe'ert) Entschöllegt villmôls alleguer.Ech wosst nöt dass Besuch hei wär.

Kinnek: O bleiw ganz ro'eg, well d'geschitt dir neischt.Mir wollte blo'ss di Schong dir uprobe'eren.(Page weisen de Schong)

Aschep. (fir sech) O Gott dât ass mei Schengche jo vum Wonnerbâm. Wât soll ech mân, elo gesin se all, datt ech um Bâl war. (Page brengen de Schong-Smyrina,Radegundis,Quitschi ausser sech)

Kinnek: (fir sech) O, den onschöllege Bléck. Dat einfacht Wiesen. Wann ech dât Kand gesin...... (Aschepuddel wöllt probe'eren,

Smyrina: (wöllt et verhönneren)---Ech bieden he'gen Här,mé lôsst dach nöt dé sche'ne Schong entweihen, et ass jo ganz onme'glech dass e passt, well mir hun ons gehitt eso' eppes ongemiddeltes mat op de Bâl ze huelen. Mir hätte jo dodurch Er Majeste't beleidegt.

Kinnek: Ech dulde guer ké Widerspruch(fir sech)..Et schengt dat aremt Kand huet hei e schwe'ert Liewen. Dat muss elo ânescht gin. (Aschepuddel probe'ert de Sch ong.De Schong passt. Smyrina, Radegundis,Quitschi, lôssen sech op de Stull fâlen)

Kinnek: Jo, du bass et, du énzeg,leéf Prinzessin.Hun ech dech endlech fond.We' konnt ech och nach weider zécken,ech hätt dach gleich dech misse kennen(Smyr.,Radeg.,Quitschi... Fort)Ma we' muss ech dech hei gesin, so' an der No't. Dat alles krit elo en Enn. Komm mat mir op meŝ Kinneksschlass.Als Kinnigin solls du an Zukunft glecklech gin.

Aschep. A kengem Fall kann dat gesche'en,Majestät. Ech sin en âremt Wésekand. We' könnt ech da Kinnigin gin? Lôsst le'wer mech e eröm u meng Arbecht gôn,an och nach weiderhin um Mammegrâw mein Tro'scht mir sichen.

Kinnék: Nén,nén, ké ânert we' dech, du härzegt Kand,wöll ech als Kinnigin an d'Schlass haut fe'eren. Duerzo' bass du bestömmt. A kurzer Zeit scho soll eis Hochzeit sin.

Aschep. Dann hätt meng No't jo wirklech nun en Enn. O Mamm, dei Kand ass gléckleeh. So, komm, ge' mat mir op der Mamm hirt Grâw. Do kre'en ech och âner Kléder. De Wonnerbâm röselt sech a werft Gold a Sëlwer iwer mech(Kinnek mam Aschepuddel ôf.)

7.Scen:

Smyrina (stirmt eran) O Gott, do,reit et. Deselwechte schne'weisse Schëmmel, den dech mei goldegt Quitschi an d'Schlass sollt fe'eren, dén dre't elo d'Aschepuddel. Wuerfir och hun ech nöt der Stömm gefollegt an hat verdillegt.We', wât, do hâlen se beim Bâm. Sche' Kléder fâlen eröf vum Bâm. We' wonnerbar geseit elo d'Aschepuddel aus.Ech kennen et nöt me' eröm. A,.....et gét e Licht mir op.De' sche' Prinzessin,de' ech um Bâl bewonnert hun,an de' ech we' verzéckt wor...dât wor d'Aschepuddel.O hätt ech dach de Bâm um Grâw verschwanne

lossenEch hätt dach selwer sollen higôn an e mat alle Wurzelen sollen eraushân. Wât eng Ernidrigung. O Radegundis, o du mein allerherzlechst Quitschi.

8. Scen.

(Radegundis a Quitschi ganz nidergedréckt)

Quitschi: Radegundis, wât solle mir blo'ss mân? Ech wéss jo mengen Hänn ké Rôt. Mir können eis guer ne'erens me' weisen.

Radegundis: Wanns du mir follegs, Quitschi, da göt nach alles gutt. Eis Schwöster Adelinde ass en edelt Kand, hat ge'f eis nie versto'ssen, obschon mir ste'ts so' hart an onbarmherzeg ge'nt hat waren. Wa mir eis Schold him agestin, verzeiht hat gären alles an hölt eis fröndlech op. Da könne mir nach mat him glécklech gin am Schlass.

Quitschi: Wat denks du Radegundis, ech virum Aschepuddel kne'en!:!:! Vill le'wer ge'f ech stierwen a verdierwen. A nén, eso' weit setzen ech mech nöt erôf...... An iwregens wär dat eng ganz gewôte Sâch. De Kinnek ge'f eis schwe'er strôfen, wa mir an sengem Schlass eis ge'we weisen.

Radegundis: (emschlengt Quitschi) Mir können ömmerhin eist Gléck versichen. Komm; lôsst eis keng Minut verle'eren. Et ass mei leschte Plang. Wann dén nach félschle't, da si mir verluer.

9. Scen.

Misericordia: Kén ass verluer, dén sech am Escht zum Gudden dre't. Dat hun erfuer, all de' sech voll Rei higekne't. Eng agestane Schold fönd ste'ts Barmherzegkét, d'Verzeihung brengt eröm Ro' a Mut a Gléck a Fréd.

++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++
======================================================================

## V. AKT.

Wichtelcher hun en Tro'n erricht, Kinnek a Kinnigin kommen - Gro'ss Fréd - Versöhnung.

Perso'nen: Aschepuddel -Kinnek - Wichtelcher - Elfen - Blumen- Radegundis - Quitschi a Caritas.

1. Scen.

(Klackeblume lauden zur Hochzeit)

Zwo' Klackeblumen ze'en aus mat sche'ner, fröscher Blumekro'n
Eraus, eraus aus èrer Klaue, kommt planzt iech bei de Kinnekstro'n,
Klingling......
Zur Hochzeit huet d'Klack" âfgelaut, besiegt si Stolz an Neid an Hâss
De Kinnek fe'ert hém seng Braut, mat hir ze't d'Le'ft an d'Kinnekschlass..
Klingling.......

2. Scen.

(D'Wichtelcher brenge Wantergreng)

Benn: Kommt hurteg Jongen, d'Klack huet schon afgelaut.Mir komme soss ze spe't op d'Hochzeit.
Bitz: O mei, a mir solle jo den Tro'n nach röschten.
Batz: Wien huet de Wantergreng? Fleisst iech, et héscht keng Zeit verluer.
Menn: Nun neischt am Eifer. Hei ass d'Affär.Lôsst mech de' Sâch besuergen. Ech hun am méschte Goût.
All: Jo, jo, de Menn brengt alles fèrdëg.
Kno'terer: Kuckt d'Blimercher sin all schon op der Môl,nu stellt iech och an d'Reih,'t ass drop an drun, dass d'Prënzekanner kommen.
Benn: Wo' bleiwen dann nach eis zwé klenger?
Wutschi a Butzi: Hei si mir jo.
Wutschi: Mir hun den Elfen nôgelauschtert. Si üben nach den Hochzeitsreigen.
Butzi: Et ass eso' sche'n.
Benn: Wésst dir dann och nach ère Sproch?
Butzi: Ech wéss e gudd. De Kinnek dé soll liewen......
Kno'terer: Stellt iech emol op. Mir probe'eren dann zesummen.
Bitz: Et ass ze spe't. De Kinnek könnt scho mat der Prinzessin.

3.Scen.

(Hiesercher a flottem Tempo)

Menn: Hei, d'Hieser cher, si hun sech och verspe't. Kuckt we' se schwéssen.
Benn: Kommt stellt iech hier. (Kawéchelchen botzt nach mamSchwanz)
Batz: Nu kuckt d'Kawéchelchen. Hat hält op Uerdnung.
Menn: Hat huet och iwerall sei Biesem bei sech.
Butzi: Ech he'ere Musek.
Knoéterer: Stöll......stöll.....si kommen.

4.Scen.

(Elfen brengen d'Prönzepuer - Elfereigen am Anhang)
D'Wichtelcher sangen : (Studio auf einer Reis....)

1.Kinnek,d'Wichtelcher sin hei
Fir ze weisen hir gro'ss Trei
Fir ze sangen frösch a fro'
An zur Hochzeit jublen zo'

2;Ech de Benn hât scho gesin
Dass dir ge'ft ganzglécklech gin
Menn huet du de Wonnerbâm
Mat de Wurzlen èrausgehân

3.Fro'gemut si Bitz a Batz
Sôn hir Wönsch an engem Sâtz
Kinnektrei,Prinzessinfro'
Bleiwt eso' glécklech örmerzo'.

3.Wann ech och de Kno'trer sin,
Kinnek a le'f Kinnigin,
ge'f ech iech dach gäre Sôn
We' ech iech am Hierzen drôn.

5;Hei stin och nach de' zwé kleng:
Ech de Wutschi fein a reng.
An owh de BU...Butzi
Wönscht iech Gle..Gléck we' nach nie..i

5.Scen.

(Radegundus a Quitschi stimmen eran)

Pagen: Halt, halt. A wien erlâbt sech.....
Radeg.: Neischt hält eis zréck. Mir mussen d'Kinnigin gesin.(drécken

d'Pagen op d'Seit a werfen sech virun de Kinnekstro'n)

Radeg. a Quitschi: O Adelinde, o verzeih, mir hun dech schlöm behandelt. Vergiess dât alles.
Quitsch: Ech war besonnesch garschteg. O Adelinde, kann du dât vergiessen?
Aschep. Stitt op, le'f Kanner. Ech kann iech nöt gesin viru mir kne'en. Wât dir gefélt hut, dat soll sin we' nöt gemâch. Eneg an trei sti mir we' Schwösteren nun zesummen.
Kinnek: Ech hât eng schwe'er Strôf mir ausgeduecht, fir all de', de' dech meng Kinnigin am Liewen eso' gekränkt hun. Mé haut ze'en ech mein Urtél zréck. Deng Gutthét an deng Gro'ssmut, de' iwertreffen alles. Et sollen och kén Hindernes am Wé stoen.
Wichtelcher: Bravo! ! Bravo!

6. Scen.

Caritas: D'Le'ft an d'Verzeihung de' besiegen d'Welt!
Wo' si bestin, do fle'en Stolz an Neid an Hâss.
An do ass Herrgottsegen, Gléck a Fréd.
A fir de' Fréd haut voll ze mân, ruffen ech meng Elfen
Zu engem sche'ne Ro'sereigen zesummen.

Ro'sereigen:

++++++++++++++++++++++ Enn ++++++++++++++++++++++++++++++++

# Anhang I.

## Virried.

1) Virun dem Virspill:

---

"Et wor émôl", so' gét all Märchen un. Et wôr émôl é Wonnerbâm;dé stong am de'wen,de'we Böosch,am Märcheland. Wien önnert him geschlôf huet,dékonnt d'Zukunft liesen,an a sengem Ömkréss konnt ké Feind engem schueden.En Dâg hun d'Wichtelcher de Bémche fond an hun en ausgegruewen.E go'f um Mârt verkâf mat de Chröschtbémercher.So' ko'm de Bâm an d'Mönscheland.

2) Virun dém 1. Akt.

---

Et wor émôl e gudd bravt Kand.Et wor eso' sche'n, eso' brav, eso' gudd Et wor eso' glecklech, we' keng Prinzessin op der Welt.An Adelinde wôr sein Nuem.Seng Mamm ass him gestuerwen. Du ko'm fir d'Kand eng schwe'er,schwe'er Zeit, well d'huet eng Stefmamm kritt, de' him neischt guddes konnt vergonnen." Eist Aschepuddel go'f et nömme genannt. En Dâg krut hat é Wonnerbâm. Et huet e senger Mamm op d'Grâw geplanzt.All Dâg war hat um Mammegrâw.De Wonnerbémchen huet himnoch d'Gléck erömbruecht.

---

## Wichtellidd.

Melodie: Kling, kling, klang. Refr. Kling,kling,klang,pinkepang,
Nô der Arbecht de Gesank.

D'Wichtelcher si wakreg Leit --- De' sech ömmer vill geheit
Muerges fre' an Owes spe't-------D'Wichtelvollek gär verdre't

Kuckt d'Piosch an de Spuet------ d'Schöpp an d'Axt we' geruet
Mä de Butz ganz eleng------------ spillt ,well hien ass nach ze kleng.

D'Wichtelcher sin och gär fro'----Hinne stét en Dänzchen zo'
Rechts a lenks am Krés eröm-------A gesong mat feiner Stömm.

Fest am Schréck a mam Geschîrr----An de Kno'terer ömmer fîr
Mä de Butz ganz eleng-------------spillt,well hien ass nach ze kleng.

---

## HEXELIDD.

Melodie:Ech sin de gro'ssen Hexeméschter......
Refrqin: Iwer dem gre'ssten Hexeméschter stin ech mat Hokuspokussen
An all Gespenster an all Géschter sin önnerdôn.

1.Wann ech sin durch de Bösch gèschlach,dann ass all De'er we' erstahh
De Villchen dén hält op mat sangen,den Hues dé ka ké Sprong me' mân,
An d'Reéh dât léft an d'Fâll eran.'t ass alle schlecht ergângen,
't ass alle schlecht ergângen.
Ai, Ai, d'Hutzmarei,d'Hutzmarei, d'Hutzmarei,
Dat kritt si all, dat kritt si all,dat kritt si all an d'Reih.

2.Ech ge'f och gär meng Hexenhahd nach strecken iwert d'Mönscheland,
Hirt ganzt Geschlecht ruine'ere gär,well d'Mönsche kann ech guer nöt
Wann ech gesin hun é vu fär, da muss ech op e reiden, leiden
da muss ech op e reiden.
Ai, Ai, d'Hutzmarei,d'Hutzmarei, d'Hutzmarei,
Dat kritt si all, dat kritt si all, dat kritt si all an d'Reih.

3. Mé enger hun ech neischt ze sôn,un de' kann ech mech och nöt wôn
Dat ass de' le'f Fee Caritas.Wo' si hikönnt,do muss ech sprangen;
Well si besiegt Stolz,Neid an Hâss,mat déne muss ech sprangen,
Mat déne muss ech sprangen. Ai, Ai, d'Hutzmarei etc. etc.

## A n h a n g II

**E L F E R E I G E N.**
Melodie: All Dâg bei der Muergessonn....

1. All Dâg bei dem Mondeschein, hal, hallo
   Mâche mir sche' Ringelreihn, hali,hali,halo.
   Liewesfréd a Liewesmut hali,halo,hali,halo
   Ma gesond a feireg Blut,hali,hali,halo.

2. Mir sin aus dem Elfereich,hali,halo,hali,halo,
   JO di klengst verstitt dir gleich,hali,hali,halo
   Liewesfréd a Liewesmut......

---

**M A M M E L I D D.**

Melodie: Heute wollen wir das Ränzlein schnüren........

Sin ech nöt eng glecklech Mamm ze nennen,
Well' ech zwé so' sche'ner Kanner hun,
Weit a brét ge'ft dir jo keng me' fannen,
So, we' si, gebotzt a fein erzun;
D'Radegundis, o we' härzeg,
A mei Quitschi nach ere'scht,
An ech selwer, an ech selwer,
An ech selwer ke'm nach gär fir d'e'scht,
An ech selwer, an ech selwer,
An ech selwer ke'm nach gär fir t'e'scht.

---

**K A N N E R L I D D.**

Melodie: Mir si löschteg........

1. Mir si löschteg, mir si fro',
   Mir si glécklech ömmerzo',
   Wo' mir sin, a wo' mir stin,
   Könnt dir ons dât ôfgesin.

2. D'Radegundis dât sin ech;
   Haut dât sche'nst ganz secherlech;
   Mir gin op de Kinneksbâl,
   Duerfir frée mir eis all.

3. Wösst dir dass ech d'Quitschi sin,
   Ech ge'f gär eng Kinnigin;
   A wann d'Gléck mir göschtech ass,
   Sin ech mâr um Kinneksschlass.

---

Service du théâtre - 3, rue du Curé, Luxembourg

Action catholique féminine

---